PIRATEPARTEI LËTZEBUERG
1A, RUE DE LUXEMBOURG
L-8184 KOPSTAL

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 17te Mäerz 2022

Ufro fir de Gesetzesvirschlag n°7453 ze behandelen

Här President,

mir bieden Iech dëse Brief un de President vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle weiderzeleeden.

D'Sensibilité politique Piraten huet de 27te Juni 2019 de Gesetzesvirschlag n°7453 portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003 deposéiert.

Den Artikel 63 vun eisem Chambersreglement gesäit vir, dass véier Wochen nom Dépôt déi zoustänneg Kommissioun mat der Proposition de Loi befaasst muss ginn an ee Rapporter genannt muss ginn.

Eis Sensibilitéit fuerdert, dass d'Chambersreglement respektéiert gëtt an de Gesetzesvirschlag op den Ordre du Jour vun der Kommissioun gesat an nach bis spéitstens Abrëll behandelt gëtt.

Dës Weidere géife mir Iech biede beim Staatsrot z'intervenéieren, fir eis zäitno säin Avis zu dësem Gesetzesvirschlag zoukommen ze loossen.

De Gesetzesvirschlag betrëfft d'Prozedur vum Walgesetz an ugesiichts vum Waljoer 2023 sollt dës Propositioun bis spéitstens dohinner evakuéiert ginn.

Mat héijem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

GOERGEN Marc

Député